

Mariendall, den 30. September 2019

Objet : Presentatioun vum Jugendzenter Märjendall

Léif Scoutecheffen,

Mir hunn eis iwwer äre Besuch bei eis am Jugendzenter Märjendall, am Kader vum Festival Mosaik, gefreet a mir hoffen dir hutt e flotten Dag bei eis verbruecht!

Well mir oft gefrot gi sinn, wat mir op eisem Site eigentlech ubidden, schécke mir iech heimadder e puer Informatiounen zu de Méiglechkeeten déi sech iech am Jugendzenter Märjendall fir Aktivitéite mat äre Scoutsgruppen um lokalen Niveau bidden.

Am Mariendall fannt dir:

- 96 Better op 3 Etage verdeelt déi dir fir Iwwernuechtung vun äre Gruppe kënt lounen. Et gëtt ëmmer je no Besoin just déi Zuel un Zëmmere gebucht déi och gebraucht gëtt.
De Mariendall ass iwwert dat ganz Joer op an Iwwernuechtunge kënnen esouwuel mat wéi och ouni Aktivitéite vum SNJ gebucht ginn.
- 13 Säll fir är eegen Aktivitéiten. Dës stinn an ënnerschiddleche Gréissten zur Verfügung a kënnen polyvalent genotzt ginn. Bei all Dortoirstbuchung sinn ëmmer och 2 Aktivitéitsraim inclus. Falls dir Material braucht wéi Pinnwänn, Flipcharten, Projektionsméiglechkeeten, Moderationskofferen, stelle mir iech dës zur Verfügung. Vun Raim fir kleng Aarbechtsgruppen, iwwer Säll fir Workshopen a Reuniounen bis Theater oder Concerten ass um Site Villes méiglech, woubäi dir eenzel Raimlechkeete fir kleng Aktivitéiten oder de gesamte Site fir eng grouss Manifestatioun lounen kënnen.
- 1 gudd ekipéiert Kichen déi et Gruppen erlaabt selwer ze kachen, déi awer och fir Aktivitéite ka genotzt ginn.
- 1 Restaurant fir 100 Persounen wou dir mat ärem Grupp iesen kënt falls dir net selwer wëllt kachen.
- E groussen Baussebräich deen iech vill Méiglechkeete fir är Outdoor- a Fräizäitaktivitéite bitt (Feierplaz, Grillplaz, Wanderungen etc.).
- Eng grouss Panoplie un Aktivitéite fir verschidden Alterskategorien déi dir kënt dobäibuchen, an de Beräicher:
 - Medien (Film a Foto, medienkritesch Aktivitéiten)
 - Zesumme liewen (Teambuilding, interkulturellt Léieren)
 - Kierperbewosstsinn (Ernierung, Kierperperceptioun)

Méi Informatiounen zu den eenzelnen Aktivitéite fannt dir op eisem Internetsite www.marienthal.snj.lu.

Dir kënnst iech mat äere Froën oder fir eng Visite vum Site och ganz gärën un eist Sekretariat adresséieren.
Dir erreecht d'Sekretariat per Email op secretariat.marienthal@snj.lu oder per Telefon um 247-76401.

Mir freën eis op äre Besuch bei eis!

Mat léiwe Gréiss

D'Ekipp aus dem Mariendall

Annexe:

- Fotodossier